



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Lëtzebuenger Bierger, déi hire Logement energeetesche sanéiere wëllen, kënnen ënner verschiddenen Ëmstänn vun enger finanzieller Hëllef duerch de Staat profitéieren. Allerdéngs si gängeg Technologien wéi zum Beispill Wärmepumpelen besonnesch am Fall vun eelere Gebaier net ëmmer baulech kompatibel. Wéi et mir zougedroe gouf, si Waasserstoffanlage fir privat Haiser, déi souwuel beim Hëtze wéi beim Stroum eng Verbesserung vun der Energiebilanz géifen erlaben an sech och an deene meeschten Haiser verbaue loossen, allerdéngs net eligibel fir dës Subsidien.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann den Här Minister dës Virgänger bestätegen? Falls jo, kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass an iwwert wéi eng Ausweechméiglechkeete Bierger verfüegen, déi dës Ënnerstëtzung opgrond vun der bautechescher Beschafentheet vun hirem Logement net an Usproch huele kënnen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten